



**Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes, op d'parlamentaresch Fro n°7390 vum
16. Dezember 2022 vum éierewäerten Deputéierte Sven Clement iwwert
"Avenir du chauffage à gaz"**

1. Ass beim Verzicht op de Gas och de Biogas mat abegraff ?

Wa jo, wat fir Alternativen si konkret fir de Biogas virgesinn, wëssend dass mat enger ganzer Rei Biogasanlage gréisser Infrastrukturen oder Deeler vu Gemengen (souwuel privat ewéi och öffentlech Gebaier) uechtert d'Land (zum Beispill d'Biogasanlagen zu Biekerech an zu Réiden Atert) gehëtzt ginn?

Déi zitíiert Ausso vum éierewäerten Deputéierte Sven Clement bezitt sech op de fossille Gas. Erneierbar Energiequelle solle progressiv déi fossil Energien ersetzen, dofir ass an der nationaler Biogasstrategie virgesinn d'Brutto-Biogasproduktioun op 330 GWh am Joer 2030 auszubauen. D'Regierung huet als Zilsetzung gesat 50% vum Gülle- a Mëschttopkommen, mat maximal 1,0 Milliounen Tonne pro Joer, 75% vum Bioofallpotenzial a Biogasanlagen ze verwäerten. Energieplanze solle just als Ergänzung, fir eng wirtschaftlech Erschléissung vun dese Potentialer ze garantéieren, agesat ginn. Et ass virgesi souwuel d'Biomethanaspeisung wéi och d'Stroum- an Hëtztproduktioun aus Biogas ze developpéieren. Déi national Biogasstrategie gëtt Ufank 2023 publizéiert.

2. Wéi steet de Minister dozou fir nom Enn vum Gas aus fossille Quelle, Waasserstoff an déi bestoend Gasreseauen anzespeisen, wëssend dass et haut Chaudière ginn, déi mat Waasserstoff funktionéieren ?

Zum Punkt Chaudièren déi mat Waasserstoff funktionéieren, verweisen ech op meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°7036 vum 20. Oktober 2022 vum éierewäerten Deputéierte Fred Keup iwwert "Chaudières à hydrogène".

An der Lëtzebuenger Waasserstoffstrategie ass virgesinn de Waasserstoff mëttel- a laangfristeg, also no der Industrie an dem Transport, och an dem "Wärmt" Secteur anzesetzen. Dëst awer dann net an eenzelen Haiser, mee éischter zentral, fir Cogeneratiounsanlagen, déi u Wärmenetzer hänken, ze dekarboniséieren an eng relativ flexibel Stroumproduktioun (als Nieweprodukt vun der Hëtzt) ze erlaben.

Lëtzebuerg, den 11. Januar 2023
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie